dustrie insgesamt zesumme misst ee Garantiefong schafen, fir esou Situatiounen ofzesécheren, an dass et net un der Allgemengheet an un de Steierzueler ass, fir dat ze bezuelen!

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Domat wär d'Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert. Madame Ëmweltministesch, wann ech gelift.

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.- Jo, éischtens emol Merci. Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, fir d'Éischt emol e ganz grousse Merci un den Henri Kox, un de Rapporteur, fir deen exzellente Rapport. Do ass u sech schonn immens villes gesot ginn. An ech sinn ausserdeem och frou, dass u sech d'Kommissioun sech esou schnell där Saach hei ugeholl huet an dass esou gutt matgeschafft gouf.

Well et gouf elo schonn zwee-, dräimol gesot: Mir sinn hei an enger Urgence, well u sech déi heiten Direktiv hätt missen de 7.1.2013 schonn hei an d'nationaalt Recht ëmgesat ginn. A mir kruten u sech am Februar schonn en Avis motivé a sinn also an Zugzwang. Ech soen Iech dofir och e ganz grousse Merci fir Är Ënnerstëtzung am Virfeld.

Déi IED-Direktiv ass an e puer Punkte ganz wichteg: Engersäits ass et esou, dass déi integrativ Approche, déi ass ganz gutt. Well, bon, et gouf elo deelweis hei ugeschwat, et ass esou, dass do eng Evolutioun ass vun der IPPC-Direktiv vun 2008, an dass eben elo dës IED-Direktiv aacht, siwe weider Ëmweltdirektiven zu engem eenzegen Text regruppéiert, mer also eng Simplificatioun hunn. An an deem Kader soll ee se och gesinn.

Zousätzlech, an den Henri Kox hat dat och gesot, entsprécht et och der Konventioun vun Aarhus, wou mer u sech méiglechst fir Transparenz sinn.

Dräi, véier Wierder nach zum EMAS. Dat ass och ugeschwat ginn. Well mer bis ewell wëssen, dass do bis ewell nach net esou vill geschitt ass, hu mer an eiser Ëmweltverwaltung gekuckt a mir hunn erausfonnt, dass mer nach en hallwe Posten hätten, plus en hallwen, dee mer kreéieren. Dann hu mer ee Posten, wou mer dann an Zukunft wäerte verstäerkt dorunner schaffen; un EMAS an Ecolabel.

An dann nach déi aner Froen. Bon, et ass esou, dass e Betrib - wa mer elo de Buedem huelen - muss am Ufank an zum Schluss eng Etüd maachen, an dass zousätzlech nach d'Obligatioun vun der Surveillance besteet; an zwar vum Exploitant an awer och der Administratioun. An dat bedeit awer schonn - an dat muss ee soen - eng zousätzlech Sécherheet, engersäits fir d'Awunner an anerersäits awer och fir déi eenzel Entreprisen, ze wëssen, wou se dru sinn.

An där Hisiicht ass dëst Gesetz, menger Meenung no, e grousse Fortschrëtt, och wann et kritiséiert gouf. Zum Beispill vun Ëmweltorganisatioune gouf et jo deelweis kritiséiert, dat hu mer och gesinn, awer dat läit haaptsächlech dorunner, dass si gemengt hunn, dass d'Influence eventuell vun den Industrien ze grouss wär.

Ech mengen, dass mer einfach musse soen, dat dote schreift sech an de Kader vun der Simplifikatioun, vun der Sécherheet engersäits vun den Emissioune fir d'Awunner, an anerersäits awer eben och fir d'Betriber an.

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Ënnerstëtzung.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Ëmweltministesch. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6541 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6541 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote huet ugefaangen. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss. An de Projet 6541 ass mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Enthalungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass een do, dee seng Abstentioun wëllt motivéieren? Den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Jo, d'ADR huet sech enthalen, net well mer e Problem hätte mam Objet selwer vun dëser Transpositioun vun enger Direktiv, mä mat enger prozeduraler Fro.

Ech soen dem Här Kox Merci fir säi ganz gudde Rapport, an deem en eis jo och explizéiert huet, wéi déi legal Prozedure sinn an datt et do Elementer vun Application directe gëtt. Dat heescht, datt europäesch Rechtsakten da praktesch ouni iergendeng Interventioun vun enger Lëtzebuerger Autoritéit hei direkt Rechtsgültegkeet kéinten hunn. Dat entsprécht enger federaler Vue vun Europa, déi mir net deelen.

Mir denken, datt Lëtzebuerg, als souveräne Stat, ëmmer eng Méiglechkeet muss hunn, op legal Akter, op reglementaresch Akter, déi hei verbindlech Wierkungen hunn, kënnen Afloss ze huelen. An dofir wiere mer eis géint esou en direkte federalen europäeschen Afloss an eis Législatioun.

Mir denken, datt et eng Prozedur, eng Approbatiounsprozedur hei am Land muss ginn. Dat kann eng liicht Prozedur sinn, mä si muss existéieren, fir och kloer ze weisen, datt mir e souveräne Stat sinn an e souveräne Stat bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Très bien!

M. le Président.- Merci och fir d'Motivatioun vun der Abstentioun.

Ech géif dann d'Chamber nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Une voix.- Neen!

M. le Président.- Jo, ech géif mengen, dass dat eng grouss Majoritéit ass. An dofir soen ech Iech Merci.

Mir géifen dann zu deem nächste Projet iwwergoen oder zu deenen nächste Projeten, well et ass gefrot ginn, ob mer déi zwee Projete kéinte matenee behandelen. Et ass deeselwechte Rapporteur an et sinn déiselwecht Riedner, soudass ech géif mengen, vu dass mer bei zwee Projete sinn, dass mer dem Rapporteur déi noutwendeg Zäit géife ginn an och deenen eenzelne Riedner déi Zäit, déi se fir déi zwee Projeten zegutt gehat hätten.

Ass dat am Sënn vun der Chamber?

(Assentiment)

Da soen ech Merci.

Den éischte Projet ass de Projet 6617, en Accord iwwer eng Associatioun tëschent den EU-Länner an Zentralamerika. De Basismodell ass fir d'Riedezäit virgesinn. Ech hu bis elo als ageschriwwe Riedner fir déi zwee Projeten: den Här Graas, den Här Kartheiser an den Här Turpel. An elo huet direkt d'Wuert den honorabele Rapporteur, den Här Marc Angel, och zu deem zweete Projet, dem 6618.

11. 6617 - Projet de loi portant approbation de l'Accord établissant une association entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et l'Amérique centrale, d'autre part signé à Tegucigalpa (Honduras), le 29 juin 2012

6618 - Projet de loi portant approbation de l'Accord commercial entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Colombie et le Pérou, d'autre part, signé à Bruxelles, le 26 juin 2012

Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

Rapport sur le projet de loi 6617

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur*.- Jo, Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci, dass mer déi zwee Rapporte kënnen zesummen huelen, well et handelt sech vum Contenu hier ëm Ähnleches an et ass och all Kéiers eng Approbatioun vun Accorden zwëschen der Europäescher Unioun, hire Memberstaten an anere Länner a Géigenden. An hei ass et och mat latäinamerikanesche Länner, soudass dat scho gutt ass, wa mer dat hei zesummen traitéieren.

Ech wollt dann ufänke mam Projet de loi 6617, wat en Accord ass iwwer eng Associatioun zwëschen der EU, hire Memberstaten op där enger Säit, an op där anerer Säit Zentralamerika. An dat sinn déi sechs Länner: Costa Rica, El Salvador, Guatemala, Honduras, Nicaragua a Panama.

Et ass e wichtege Schrëtt, mengen ech, an der Relatioun zwëschen dësen zwou Regiounen. An dësen Accord ass entstanen am Joer 2006, wou e Sommet war zwëschen der EU an der Amérique centrale. An do ass d'Iddi lancéiert ginn, fir Négociatiounen ze maachen, fir esou een Accord ofzeschléissen; mat engem Accord de libre-échange, dee mat abegraff ass. D'Négociatioune sinn 2007 opgaangen an 2010 am Mee ofgeschloss ginn an den Accord ass 2012 signéiert ginn.

Esou en Accord, en Accord d'association - an dat muss een ënnersträichen - ass dee wichtegsten Typ vun Accorden, deen d'Europäesch Unioun mat engem Land, mat engem aneren Drëttland oder mat enger Regioun an der Welt ofschléisse kann. Esou en Accord gëtt awer och nëmme Partnere proposéiert, mat deenen d'Europäesch Unioun eng ganz staark Relatioun huet, déi op géigesäitegem Vertraue berout an awer och op gemeinsame Valeuren a Prinzipien.

Esou en Accord d'association baséiert op dräi Pilieren: Éischtens den Dialogue politique, zweetens d'Zesummenaarbecht an drëttens ass e Volet Handel dran.

Beim Volet Handel rechent d'EU-Kommissioun vir, dass fir béid Säiten eng Hausse vu 25 bis 30% vun de Flux commerciaux virgesi gëtt. Et sinn och Etüde gemaach gi vun der Kommissioun an déi soen, dass de Revenu an deene sechs zentralamerikanesche Länner erop wäert goen an dass och d'Salairen do eropginn an dass och dat zu der Reduktioun vun der Aarmut bäidroe kann.

Wichteg ass och, dass esou en Accord d'Konsolidéierung vun de Relatiounen zwëschen zwou Regioune befestegt. An et ass och déi éischte Kéier säit der Adoptioun vum Traité de Lisbonne, dass et esou en Accord bi-régional ass, dass et net d'EU mat engem Drëttland ass, mä dass et d'EU mat enger anerer Regioun ass, déi jo och amgaangen ass, sech ze integréieren. Den Accord reit sech an an déi Politique commerciale externe vun der Europäescher Unioun, déi jo och baséiert op der Strategie 2020.

E ganz wichtegen Aspekt… - ech wëll elo net an all Detail hei eragoen, well mir haten dee Punkt dräimol um Ordre du jour vun der aussepolitescher Kommissioun, dofir brauch ech hei net méi an all déi Detailer eranzegoen, déi mer do en long et en large diskutéiert hunn -, ech wëll Iech just soen, wat ganz wichteg ass, ass d'regional Integratioun och vun deene sechs Länner an Zentralamerika. Dat ass e Punkt, deen an deenen Accorde ganz fest ënnerstrach gëtt.

Ech wëll och soen, dass d'Europaparlament den 11. Dezember mat enger ganz grousser Majoritéit och dësen Accord ugeholl huet.

Wat wichteg ass, et ass e ganz laangen Text. Et ass en Text vu 550 Säiten, wann een all d'Annexe kuckt. Et ass wierklech eng riseg Brique. An et ass interessant, déi Partie vum Dialogue politique, déi ass ganz wichteg, well ech hat jo virdru gesot, dass d'EU nëmmen esou Accorde mat Regiounen, mat Länner mécht, déi déi nämlecht Valeuren deelen, an déi ginn awer och da widderholl. An hei gëtt ganz kloer gesot, wat ganz wichteg ass an deem Accord, dat ass de Renforcement vun der Kooperatioun a verschiddenen Domäner, wéi zum Beispill de Mënscherechter.

Mam Computer ass dat jo haut ganz einfach, wann ee wëllt kucken, wéi vill Mol dat d'Wuert Droits de l'Homme dra virkënnt - ech hunn deen Exercice gemaach: Iwwer 30, 25-mol kënnt deen Term an deem Text vir. Et ass ganz wichteg. An da ginn et nach och Mechanismen, wéi dat kontrolléiert ka ginn, dat ass och ganz wichteg, do kommen ech herno nach drop ze schwätzen. D'Prévention des conflits, d'Bonne gouvernance, d'Réduction de la pauvreté, d'Intégration régionale, déi ech scho gesot hunn.

An dann zwee Aspekter, déi och ëmmer wéi e Fil rouge duerch déi Texter ginn, dat ass d'Protektioun vum Environnement, also déi Ëmweltdimensioun, an och déi sozial Dimensioun, déi ganz groussgeschriwwe gëtt.

Dësen Accord huet dann och déi Partie commerciale, an do ähnelt en deem nächsten Accord, dee mat Peru a Kolumbien ass, wat e rengen Handelsaccord ass. An an deem Accord, an där Partie commerciale ginn natierlech verschidden Exportatioune liberaliséiert vu Produits industriels, Fëscherprodukter, déi brauchen da keng Droits de douane méi ze bezuelen.

D'Unioun, wat awer och wichteg ass, préservéiert d'Tarifs préférentiels an asymmetresch Tariffer en faveur vun de sechs zentralamerikanesche Länner. Déi wäre soss zur Échéance komm am Joer 2014. An et ass gutt, dass mer déi asymmetresch an och déi préférentiel Tariffer halen, fir déi Marchéen an deene Länner, verschidde Secteuren ze schützen.

Besonnesch an der Agriculture ginn och d'Droits de douane eliminéiert. Mä - mä, an dat wëll ech ënnersträichen, besonnesch well och vu verschiddenen ONGe Kritik geübt ginn ass -, et ass ganz wichteg ze ënnersträichen, dass et an deem Accord och definéiert Zones sensibles gi fir déi lokal Mäert. An ech mengen, dat ass e wichtege Punkt, deen och fir eis vun der LSAP ganz wichteg ass.

Zentralamerika bénéficiéiert vun neien Accèsen op d'Mäert vun der Unioun, wat hir Bananneproduktioun ubelaangt, Zocker, Fleesch, Rum an esou weider. Awer et sinn natierlech och Clauses de sauvegarde virgesinn, wann et zu Effets pervers géif kommen.

D'Kooperatioun am Domän vum Marquage a vum Étiquetage an Harmonisatioun vun Normen, dat facilitéiert, dat évitéiert bürokratesch Hürden. An dat mécht et méi liicht an dat facilitéiert dann d'libre Circulatioun vun deene Gidder an déi zwou Richtungen.

Och nach wichteg ass ze ënnersträichen, dass et 224 Indications géographiques ginn, déi geschützt sinn. Ech mengen, dat ass och wichteg fir d'lokal Produktioun. Ech hunn dat virdru scho gesot, et ass wichteg, dass d'lokal Produktioun a lokal Nominatioune protegéiert ginn op där enger Säit, mä och op eiser Säit.

Och d'Protektioun vun der Diversité biologique ass ervirgestrach dofir. An et ass en Engagement, e ganz wichtegt Engagement, e spezifescht Engagement dran, wat d'Fëscherei ubleaangt, wou d'Pêche durable, also déi nohalteg Fëscherei och ënnerstrach gëtt, dass dat wichteg ass.

Déi ganz Partie commerciale, déi traitéiert also déi Interrelatiounen tëschent dem Commerce, de Sozialpolitiken an der Ëmwelt. An dat ass ganz wichteg. Och déi ganz OIT-Norme ginn hei erwähnt.

An ech wollt nach e puer Saachen derbäifügen, well mer jo e rezente Communiqué hate vun dräi ONGen, an dofir wëll ech hei soen, dass et an deem Accord hei ee ganzt Kapitel gëtt iwwer Commerce an Développement durable. An hei gëtt et och e Mécanisme de suivi. Dat ass den Artikel 294. An dee gesäit vir, dass ageriicht gëtt e Conseil sur le commerce et le développement durable, deen zesummegesat gëtt aus Autoritéiten aus de Verwaltunge vun alle Parteien aus dësem Accord.

An da gëtt et nach méi e wichtegen, a mengen Aen, Artikel, dat ass den Artikel 295. Dee concernéiert den Dialog mat der Zivilgesellschaft. Et ass virgesinn, dass och op dësem Niveau e bi-régionale Forum opgebaut gëtt, fir dass et zum Dialog kënnt iwwer all déi kommerziell Aspekter vum Accord, déi am Zesummenhang sti mat der nohalteger Entwécklung. An nohalteg Entwécklung sinn net nëmmen Ëmweltfroen, mä natierlech och all déi Sozialfroen.

Aner Kritiker hunn, wéi gesot, d'Situatioun vun de Mënscherechter an déi lokal Produktioun ugeschwat. Ech hunn dat schonn hei elo grad a menger mëndlecher Ried ugeschnidden. Ech wëll och drun erënneren, dass an deenen zwee Rapporten, a menge schréftleche Rapporten hunn ech déi kritesch Punkten och ugeschnidden. Mir hunn déi och an der Kommissioun diskutéiert.

Also, dësen Accord, deen éischten elo hei mat Zentralamerika, ass en Accord, dee méi wäit ass, méi wäit geet wéi e reng kommerziellen Accord. Et ass e wichtegt Kapitel an der Relatioun tëschent deenen zwou Regiounen. Et ass e wichtegt Kapitel am Dialog, dee mer mat där Regioun hunn, wat d'Mënscherechter ubelaangt, wat d'bonne Gouvernance ubelaangt an déi wichteg Theme wéi Justice, Liberté, Développement social a Cohésion sociale.

An dofir wëll ech och am Numm vun der LSAP den Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Rapport sur le projet de loi 6618

Dann, wéi gesot, Här President, hate mer jo gesot, mir géifen déi zwee Projets de loi zesummen huelen. Bei deem zweete kann ech mech elo vill méi kuerzfaassen.

Dëst ass en Accord tëschent der EU, hire Memberlänner engersäits a Kolumbien a Peru anerersäits. An et ass, wéi gesot, e rengen Handelsaccord an net, wéi bei deem viregte Projet, en Associéierungsaccord. Also huet e just dee Pilier Handel, dee ganz ähnlech ass wéi deen drëtte

Pilier, deen ech am viregte Projet erkläert hunn. An net méi laang wéi e puer Méint hier hate mer hei e ganz ähnlechen Accord - et ass ëmmer deen nämlechte Modell - mat Südkorea. Ech ka mech dofir kuerzfaassen.

An ech wëll och drun erënneren, dass och dëse Projet de loi dräimol um Ordre du jour vun där zoustänneger Kommissioun stoung, an dass mer do och d'Geleeënheet haten, mat Beamten, mat Représentantë vum Ministère all Froen ze stellen, déi mer haten an op all Kritiken anzegoen.

Duerch dësen Accord tëschent der EU mat Peru a Kolumbien ginn d'Échangë vun de Gidder an och vun de Servicer duerch d'Erofsetze vun Tariffer, duerch Approximatioun vu Standarden an duerch d'Asetze vu méi einfachen Douanesprozeduren an administrative Prozeduren all vill méi einfach gemaach.

Och hei sinn d'Verhandlungen 2006 ugaangen. Deemools hat iwwregens, et ass vläicht interessant ze soen, d'EU och d'Mandat kritt, en Accord d'association interrégional, genausou wéi dee viregten, auszehandelen. Et ass awer net dozou komm. Dat sollt mat der Communauté andine sinn. Se ware sech innerhalb vun deene Länner net eens. An dofir ass dunn eleng weiderverhandelt gi mat Kolumbien a mat Peru. Mëttlerweil lafen awer och nees Verhandlungen, huet Ecuador, wann ech mech net iren, sech nees an de Prozess erageschriwwen.

Jo, och dësen Accord ass am Europaparlament mat 486 Stëmmen ugeholl ginn. Ech hunn och déi Rapporten nogelies, déi do an der Kommissioun stattfonnt hunn. Dat waren ähnlech Diskussioune wéi bei eis. Och ähnlech Kritiken an Ängscht sinn ugeschwat ginn, mä och do sinn déi richteg Äntwerte geliwwert ginn.

Wichteg ass, mengen ech, nach ervirzeträichen, dass och dësen Accord fondéiert um Respekt vun de Prinzipie vun der OMC. Am Exposé des motifs hunn ech, an och a mengem schréftleche Rapport, an och iwwregens am Avis vun der Chambre de Commerce, do gëtt genau erkläert d'Flux commerciaux tëschent Lëtzebuerg an deene Länner, awer och virun allem tëschent der EU an deene Länner. An et gëtt gerechent, wéi dës Accorden zur Reduktioun vun der Aarmut kënne bäidroen.

Ech wollt awer eng Remarque am Numm vu menger Fraktioun maachen an a mengem perséinlechen Numm. Fir d'LSAP ass dat natierlech wichteg, dass dës Handelsaccorden dat do mat sech bréngen. Mä et dierf net nëmmen an Euroen an an Dollare gemooss ginn, well dës Accordë sinn am Fong e Kader fir eng nohalteg an eng Sozialentwécklung. Se sinn also vill méi wäitreechend wéi just Saachen, déi ee monetär ka rechnen.

Da wollt ech och zu dësem Accord, zu dësem Punkt den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Ech wollt nach e puer Wuert awer soen zu engem Communiqué, dee vun den ONGe komm ass: Fir eis als Chamberskommissioun, a fir mech och als President vun der aussepolitescher Kommissioun, déi och mat Entwécklungsfroen handelt, ass et ganz wichteg, dass mer gutt Relatioune mat den ONGen hunn. Mir empfänke se eemol am Joer, an ech mengen, och d'Regierung am Kader vum Comité interministériel invitéiert, huet permanent den Dialog mat den ONGen, mä invitéiert se och an de Comité interministériel. Dat ass eng Plaz, wou mer vill kënnen diskutéieren.

Ech war dofir iwwerrascht, dass den 28. Mäerz dee Communiqué komm ass. Mir sollten dës Projeten iwwregens den 19. Mäerz hei ofstëmmen, wann Der Iech gutt erënnert. Mä well mer esou laang Diskussiounen am Viraus haten, sinn déi vum Ordre du jour geholl ginn a sinn haut drop.

Dofir, zéng Deeg duerno kënnt dann dee Communiqué. Ech wëll just en Opruff maachen un d'ONGen: Si wëssen, dass se bei mir als President vun där Kommissioun, si wëssen, dass se bei de Kolleeginnen a Kolleege vun där Kommissioun en oppent Ouer fannen. Ech hunn dat hei net ganz fair fonnt, dass dann op eemol elo esou e schaarfe Communiqué kënnt.

A verschiddene Punkte muss ech soen, d'Intégration régionale gëtt groussgeschriwwen, et ass net géint d'Intégration régionale vun där Regioun. Wat d'Droits de douane ubelaangt, hunn ech gesot: Et gëtt déi Tarifs préférentiels, asymmetresch Tariffer. Et gëtt Zones sensibles, fir d'Marchés locaux ze protegéieren, an et gëtt Clauses de sauvegarde. A wéi gesot, mir haten et esou oft an der Kommissioun, mir hunn driwwer diskutéiert. Ech hoffen, dass mer an Zukunft, wann esou Accorde kommen, e besseren Dialog kënne féieren.

Dofir hunn ech jo och proposéiert am Kader vum TTIP - dat ass dat Handelsofkommes tëschent der Europäescher Unioun an den USA -, dass mer do sollen en Hearing an der Chamber organiséieren. Ech hätt dee gär am Mee, wa méiglech no den... Mir haten en Datum den 9. Mee, dat ass aus technesche Grënn net méiglech, well d'Chamber dann eppes aneres huet, eng grouss interparlamentaresch Konferenz. An ech versichen, en Datum ze fannen nach Enn Mee, wahrscheinlech oder vläicht ufanks Juni, am léifsten Enn Mee.

Mir schaffen an der Kommissioun drun. Mir haten dat och schonn zweemol um Ordre du jour, déi lescht Sitzungen, wou mer d'Preparatioun doriwwer diskutéieren, dat ass och vum Bureau accordéiert ginn. An ech mengen, do wäerte mer eng Geleeënheet kréien, fir mat den ONGen, awer net nëmmen den ONGen, mat der ganzer Zivilgesellschaft iwwer esou wichteg Accorden ze diskutéieren.

Dat gesot, soen ech Iech Merci, dass Der mer esou laang nogelauschtert hutt. An, wéi gesot, ech ginn den Accord vun der LSAP an hoffen, dass Der och all mat dësen Accorden averstane sidd.

Villmools Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur, deem ech frëndschaftlech géif un d'Häerz leeën, fir déi dräi Kape kloer ze trennen: déi vum Rapporteur, déi vum mandatéierte Sprecher an déi vum President vun der Kommissioun. Ech soe Merci do derfir an ech géif dann direkt deem nächste Riedner d'Wuert ginn. Den Här Claude Wiseler fir d'CSV.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wëll just an e puer Wuert soen, datt de Marc Angel e gudde Résumé gemaach huet vun all deenen Aarbechten, déi mer an der Kommissioun haten. Hien huet souwuel d'Kritike wéi d'Ängschten, déi duerchdiskutéiert gi sinn, wéi awer och déi Äntwerten, déi komm sinn op déi Kritiken hei an all Detail beschriwwen. Net nëmmen déi Kritike bei eis an der Kommissioun, och déi Diskussiounen, déi am Europaparlament waren. An déi Beschreiwung war scho komplett, esou wéi Der se gemaach hutt.

Dësen Accord ass evidenterweis en interessanten Accord, well et deen éischten Accord d'association ass, dee bilateral gemaach gëtt zwëschen der Unioun op där enger Säit an enger Rei Länner op där anerer Säit. An haaptsächlech deen éischten op jidde Fall, well en och dräi Voleten huet. Niewent dem politeschen Dialog op där enger Säit, der Kooperatioun op där anerer Säit och dee kommerzielle Volet als leschte Pilier, als drëtte Pilier. Woubäi een awer muss soen, datt dee kommerzielle Volet wahrscheinlech dee wichtegsten ass.

Mä interessant ass awer, contrairement zu deem zweeten Accord, deen Der beschriwwen hutt, datt hei déi aner zwee Voleten och grouss dra sinn an eng grouss Plaz an deem hei Accord fonnt hunn, wat gutt ass, an dobäi och eng Konsolidatioun vun de Relatiounen zwëschen der Europäescher Unioun an deene Staten aus Zentralamerika wäert bréngen.

Wann een d'Datume kuckt, wéini dat Ganzt gemaach ginn ass, Décisioun 2006, Négociatiounen zwëschen 2007 an 2010, duerno d'Paraphe drop 2011, d'Signature 2012 a schlussendlech elo 2014 d'Ëmsetzung, da gesäit een och, wat fir ee wäite Wee dat Ganzt scho gemaach huet a wéi vill Diskussiounen am Pour et contre schonn heiranner gemaach gi sinn.

Wat deen zweeten Accord mat Kolumbien a Peru ugeet, sou ass dat effektiv keen Accord d'association, mä just en Accord commercial. Mä en huet awer och den Avantage, datt e béidsäiteg u sech déi Elementer ofsëchert, déi eis erlaben, e stabelt, transparent a previsibelt kommerziellt Ëmfeld ze hunn. Haaptsächlech och, andeems en d'Droits de douane fir d'Exportateuren ofschaaft an domat effektiv e méi kloert an däitlecht Ëmfeld fir de Commerce gëtt.

Selbstverständlech kënnt och den Accord vun der CSV-Fraktioun fir déi hei zwee Accorden.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll virun allem op dräi Haaptpunkte vun deem éischten Accord agoen, Projet de loi 6617, do wou een d'EU als kollektiven internationalen Handelspartner an Zentralamerika gesäit. Ech mengen, et ass wichteg, datt d'Europäesch Unioun sech op deem dote Gebitt profiléiert. Et mierkt een och, datt d'EU et fäerdegbruecht huet, elo fest Strukturen opzebauen iwwer hir Grenzen eraus, fir, wéi gesot, esou Accorden och kënnen ofzeschléissen.

Et däerf een net vergiessen, datt d'Europäesch Unioun schonn an de 60er Joren éischt Initiative geholl huet, fir mat Zentralamerika Kontakter opzehuelen. Et däerf ee jo och net vergiessen, datt mir als Europäer historesch, kulturell an och souguer reliéis Verbindunge mat Latäinamerika hunn. A spéitstens, wéi jo Portugal a Spuenien 1986 der Europäescher Unioun bäigetruede sinn, ass dat u sech nach méi zum Virschäi komm. Ech wëll allerdéngs net hei falsch verstane ginn, wéi wann een de Kolonialismus als eng positiv Affär géif duerstellen.

1984 ass jo dee sougenannten „San José-Dialog" an d'Wee geluecht ginn. Do ass dunn u sech déi Relatioun zwëschen der Europäescher Unioun an Zentralamerika offizialiséiert ginn. Leit behaapten haut, datt u sech och dat derzou bäigedroen huet, datt eng Rei Konflikter, déi an deem Raum déizäit geherrscht hunn, konnten deelweis e bëssen entschäerft ginn. Ech wëll och drun erënneren, datt jo virun allem an El Salvador e ganz fierchterleche Biergerkrich an där Zäit war. Zwëschent 1981 an 1990 hate jo net manner wéi 70.000 Leit hiert Liewen an deem Biergerkrich verluer.

Et ass och interessant, wann een d'Statistik kuckt, datt zum Beispill am Joer 2011 d'Europäesch Unioun net manner wéi 6,7 Milliarden an Handelsrelatioune mat Zentralamerika opgebaut hat. An domadder ware mer u sech den zweetwichtegsten Handelspartner - wann ech elo soen, mir, d'Europäesch Unioun - hannert den USA.

Et däerf een och net vergiessen, datt u sech esou Ofkommesse jo awer Virdeeler fir eist Land mat sech bréngen. Well mir als Lëtzebuerg - e klengt Land - natierlech vill ze vill schwaach sinn, fir eis Ekonomie am Fong geholl an deene Regiounen auszebauen. Et ass also wichteg, datt mer agebonne sinn an esou enger fester Struktur, wéi dat d'Europäesch Unioun ass.

En zweete wichtege Punkt, deen een hei kann erauszéien, dat ass natierlech och: Déi Accorde sinn en Deel Entwécklungshëllef. Och dat däerf een net hei vergiessen. Well, an dat ass jo ganz kloer an dem Rapport hei erausgaangen, datt jo d'nationaalt Akommes vun deene Länner zum Deel ka gesteigert ginn. Ech verweisen hei zum Beispill op Costa Rica, wou am Fong geholl eng Steigerung vum Wuesstum vun 3,5% erwaart gëtt. A mir wësse jo, datt besonnesch an där Regioun, besonnesch Zentralamerika, ganz grouss wirtschaftlech Problemer bestinn.

Dann een drëtte Punkt, deen och schonn zu Recht hei ënnerstrach ginn ass, dat ass natierlech den Aspekt vun der Nohaltegkeet. Och do kann d'Europäesch Unioun eng ganz wichteg Roll spillen. Mir kënnen eisen Know-how an déi Regiounen exportéieren. Mir wësse jo, datt den Ëmweltschutz do jo och net besonnesch groussgeschriwwe gëtt. Soudatt et also wichteg ass, datt mir do kënnen eist Wësse mat exportéieren (veuillez lire: vermëttelen). Ech wëll och drop hiweisen, datt jo effektiv e Conseil sur le développement durable geschafe gëtt duerch dat Ofkommes hei.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat ouni Zweifel awer wichteg ass, dat ass, datt dat Associéierungsofkommes hei u sech dat stäerkst institutionellt Instrument fir d'Verankerung vun de Bezéiungen zwëschent der EU an hire Partner a Mëttelamerika ass. Et ass also e laangfristegen Zukunftsprojet an et beweist och d'Stäerkt, déi d'Europäesch Unioun awer entre-temps och do op deem Niveau erreecht huet. Allerdéngs muss een awer oppassen, datt een e gewëssent Gläichgewiicht hei respektéiert. Esou Ofkommessen däerfen natierlech net zulaaschte vun der indigener Populatioun goen.

Zu deem zweete Projet de loi kéint een eng Rei ähnlech Remarquen hei ufëieren. Ech mengen, do limitéiere mer eis haaptsächlech op en Ofkommes, wat eben den Handel ubelaangt. Och deen ass awer ouni Zweifel hei positiv ze gesinn.

Jiddefalls, mir als Demokratesch Partei stinn hannert deenen zwee Projets de loi. Et gëtt u sech virun allem, wéi gesot, der Europäescher Unioun d'Méiglechkeet, nei Mäert am Fong geholl besser ze besetzen an doriwwer eraus wäert dat mat Sécherheet och eng gewësse positiv Inzidenz fir eis hei zu Lëtzebuerg hunn.

An an deem Sënn bréngen ech den Accord vun der Demokratescher Partei, wëll awer och nach dem Marc Angel e grousse Merci soe fir seng flott Rapporten zu deenen zwee Gesetzesprojeten.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Gusty Graas. Den nächste Riedner ass den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech schléisse mech am Numm vun der ADR ganz gär dem Merci un den Här Angel un, deen eis eng ganz flott Presentatioun gemaach huet.

Ech hat mech eigentlech virbereet an och, muss ech soen, e bësse gefreet op eng Debatt haut mat deene Gréngen iwwert dës Accorden, well am Europaparlament hunn eis gréng Kolleege géint déi zwee Accorde gestëmmt. An haut hei an der Regierung sëtze se a stëmme se mat. Dat muss ee fäerdegbréngen, esou schizophren ze sinn, datt déiselwecht Partei am Europaparlament géint zwee Accorde stëmmt a se hei matdréit!

Elo hu mer leider haut keng gréng Wuertmeldung bis elo gehat. Mä et wär esou schéi gewiescht, wann déi gréng sech zu hirer Positioun am Europaparlament och hei bekannt hätten, wat se awer anscheinend net wëlles hunn ze maachen.

Déi zwee Accorden hei, déi brauchen och eng Rei Kommentaren a Bemierkungen.

Mat Peru a Kolumbien, muss ee soen, datt mer bedaueren, datt d'Chambre de Commerce net ëm hiren Avis gefrot ginn ass. Meng Virriedner hu betount, datt et haaptsächlech Handelsfroe sinn. An ech mengen, et wär awer dat Normaalst vun der Welt, datt dann och d'Chambre de Commerce ëm en Avis gefrot gëtt.

Genausou wéi mer eis froen, ob et wierklech sënnvoll ass, datt en Accord, wéi deen heiten, wéi dee mat Peru a Kolumbien, dee ganz kloer, an dat gëtt och däitlech gesot, d'Kompetenze vun de Memberstate beréiert, ka provisoresch applizéiert ginn, ier d'Memberstaten dee ratifizéiert hunn. Dat ass e Manktum u Respekt vum Wëlle vun de Memberstaten. Wann d'Kompetenze vun de Memberstate vun engem Traité beréiert ginn, da mussen déi och hiren Accord signaléieren, ier e kann applizéiert ginn.

Dräi Bemierkunge vläicht iwwert déi Traitéen. Mir sollten déi och vläicht ganz gutt analyséieren, notamment well mer gemierkt hunn, wéi mer iwwert déi transatlantesch Handelsunioun hei geschwat hunn, wat et kann heeschen a wéi nervös och mir heibanne waren, wéi mer gemierkt hunn, datt mer vläicht eng Kéier an der Positioun vun engem Schwaache ware géintiwwer der USA. An dann hu mer direkt do och scho gefrot: Wéi ass et mat der Sécherheet vun eisen Entreprisen, wéi ass et mat de Kritären an esou weider?

A vill méi grouss ass nach dat Ongläichgewiicht, wat eis trennt géintiwwer deene relativ klengen an, géintiwwer eis, och relativ schwaachen zentralamerikanesche Staten. Dofir ass vläicht déi Debatt, déi mer hei haten iwwert d'Handelsbezéiunge mat den USA fir eis eng Warnung, fir och dëst méi genee ze analyséieren.

Dofir dräi Kommentaren, vläicht en éischten iwwert de politeschen Dialog. Wann een de Projet de loi liest, deen d'Regierung eis hei ginn huet, da steet an deem éischten Abschnitt iwwert de politeschen Dialog, datt mer déi gemeinsam Wäerter do fleege mat den zentralamerikanesche Staten. A genau an deem Absatz duerno, an deem Paragraf drënner steet, mir hätten all Wäertvirstellunge vun der Europäescher Unioun an deen Traité erabruecht.

Et muss een awer naiv sinn, fir ze mengen, datt eng Identitéit besteet tëschent deem, wat europäesch Wäerter sinn, an deene vun den zentralamerikanesche Staten. An ob mir net do heiansdo ze vill staark optrieden an och ob mir heiansdo déi richteg Messagë ginn.

Ech wëll elo net polemiséieren, mä ech wëll awer drun erënneren, datt och eng lëtzebuergesch Ministesch fir Entwécklungshëllef duerch Zentralamerika gereest ass, fir Reklamm fir d'Ofdreiwung ze maachen. Saachen, déi fir Katholiken an Zentralamerika wahrscheinlech net akzeptabel sinn.

Eng zweet Bemierkung ass dat ebe just iwwert d'Gläichgewiicht tëschent deenen zwou Regiounen. Mir haten hei, wéi mer iwwert déi transatlantesch Handelsbezéiunge geschwat hunn, eng Debatt iwwert déi „investor to state"- Mediatiounsmechanismen oder „dispute settlement"-Mechanismen, a mir hunn eis gefrot, ob do net extrajudiciaire Strukture géife geschafe ginn au détriment vun eise Rechtsnormen an eise juristesche Sécherheeten, déi mir eis ginn hunn aus aarbechtsrechtlechen, ëmweltpoliteschen an anere gudden Ursaachen.

An hei stelle mer fest, datt och hei esou Mechanismen existéieren, „investor to state", „dispute settlement", déi explizit virgesi sinn, a wou mer mussen awer d'Fro un d'Regierung stellen: Wéi fonctionnéieren déi? Sinn do genuch Garantien, datt mir net géintiwwer deenen zentralamerikanesche Staten hei Mechanismen aféieren, déi mir géintiwwer eis net wëlle gesinn an eise Relatioune mat den USA? Gëtt et do Garantien? Wéi ginn déi gehandhabt? Wéi sinn, notamment am Artikel 167 vun deem Traité mat den zentralamerikanesche Staten, wéi gëtt dat gehandhabt, deen „investor to state dispute settlement"?

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Genausou muss ee bedenken, datt déi zentralamerikanesch State keng kloer Strukturen hunn. Si si géintiwwer eis e schwaache Verhandlungspartner, wann et drëm geet, iwwer Subventiounen oder iwwer Quoten ze schwätzen, well hir Strukture sinn natierlech wäit méi schwaach wéi déi vun der Europäescher Unioun. An och do muss ee sech wonneren, ob déi Fiktioun vum Gläichgewiicht, déi an deem Traité ëmmer erëm erauskënnt, wierklech der Realitéit entsprécht.

E lescht Wuert iwwert de Sënn vun deem Ganzen am Kader vun der Entwécklungshëllef oder der Philosophie vun der Entwécklungshëllef, déi mir applizéieren. An do si mir als ADR net déi Eenzeg, déi et soen, awer mir soen et am längsten an am vehementesten. Mä mir soen awer, den Handel ass déi beschte Form schlussendlech vun der Entwécklungshëllef! Et ass och op d'mannst eng vun deenen dräi Parteien an der Regierung, déi dat och ëmmer erëm betount.

Mir gesinn awer hei, just fir Iech emol d'Proportioun ze gi vun eisen Échanges commerciaux an der Entwécklungshëllef, déi mir an där Regioun ginn: Mir exportéieren an Zentralamerika fir 1,7 Milliounen Euro, 1,7 Milliounen Euro. Mir importéiere fir 17.000 Euro! Dat sinn eis Importer aus där Regioun, 17.000 Euro. Da gi mer awer Entwécklungshëllef an déiselwecht Regioun, an de Salvador 7,09% - dat sinn Ziffere vun 2012 -, ronn 7,5 Milliounen Euro, an den Nicaragua praktesch d'selwecht, och ronn 7,5 Milliounen Euro. Dat heescht, 15 Milliounen Euro Entwécklungshëllef, 1,7 Milliounen Exporter a 17.000 Euro Importer.

Solle mer dann net higoen a kucken, wéi mer d'Importer aus där Regioun kënne férderen, wéi mer Handelsstrukturen, Steiere kënnen dohannen anzéien - also net mir, mä si natierlech -, fir emol dat Land op eng aner Basis ze stellen?

Mir haten, an dat ass jo och gesot ginn, wéinstens emol an deenen Texter, déi d'Regierung eis ginn huet, datt eng Handelskammer zu Panama gegrënnt gouf, eben eng lëtzebuergesch-zentralamerikanesch Handelskammer, déi musse mer mat Liewe fëllen, fir wierklech laangfristeg Entwécklung iwwert den Handel kënnen ze leeschten. Dat ass d'Zukunftsperspektiv.

An dowéinst ass et och wichteg, dat ze erfëllen, wat d'ADR ëmmer erëm seet, dat ass, datt dee Programme indicatif vun der Kooperatioun och hei an der Chamber diskutéiert a ratifizéiert gëtt. Well nëmmen esou kënne mir als Deputéierten hei soen, wat dee richtege Wee ass, eiser Meenung no, fir déi Länner, fir hinnen ze hëllefen an an hirer Entwécklung ze hëllefen. Dat ass net ëmmer nëmmen duerch eng Mentalitéit vun der Assistenz, mä dat ass, fir se als wierklech gläichberechtegt Partner ze gesinn an Handelsstrukturen opzebauen, déi eis laangfristeg erlaben, wierklech als gläichberechtegt Partner virun ze existéieren.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Deputéierten. Als Nächsten huet d'Wuert den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Mir sollen hei ofstëmmen elo iwwer zwee Accorden, een Handelsaccord mat Kolumbien a Peru. Insgesamt hunn déi zwee Accorden, mengen ech, 1.014 Säiten, déi jo wahrscheinlech jiddweree ganz opmierksam gelies huet.

(Interruption)

Ech wëll trotzdeem hei, ass et mer wichteg, fir nom Rapporteur hei awer eng aner Klack ze laude wéi déi, déi virdrun hei gelaut huet.

Ech wëll och soen, datt de Rapporteur, wann en de Mëtteg um Radio gesot huet, datt d'ONGen elo eréischt erwächt wieren, datt en dat géif bedaueren an datt en, och wann de Communiqué den 28. Mäerz erauskomm wier, dat net fair géif fannen, besonnesch datt en esou schaarf war; ech wëll en einfach drop opmierksam maachen, datt, wann ech dat richteg gesinn hunn, dee Communiqué zimlech wuertgläich ass mat dem Communiqué, deen och d'franséisch ONGen erausginn haten zur nämlechter Thematik de 27. November 2013, e gutt Stéck, eng gutt Zäitche virdrun, also wierklech bal wuertgläich.

Esou wéi ech iwwerhaapt fannen, datt déi 160 ONGen, déi aus Latäinamerika an Europa bis elo zu deenen Accorden do Stellung geholl hunn, zimlech ähnlech Aschätzungen hu wéi déi, déi och elo d'ASTM, SOS Faim a Fairtrade zu Lëtzebuerg hunn, nämlech fir hinzeweisen op déi desastréis Konsequenzen, déi déi zwee Ofkommesse fir d'Mënscherechter, d'Sozialrechter, d'Indigènen, d'Baueren, d'Emwelt, déi regional Integratioun an deene Länner wäerten hunn.

Derbäi kënnt och eng wäitgehend Liberaliséierung vun de Finanzmäert, déi och net wäert gefeit si viru Geldwäsch. Mir wëssen, vu wéi enge Länner datt mer schwätzen. An déi Verträg, déi si vëlkerrechtlech bindend, am Géigesaz zu deenen Dispositiounen.

An ech mengen, den Här Angel huet sech verzielt, dat steet méi dacks dran, mä et ass net d'Zuel, wéi dacks datt et drasteet, et ass de juristesche Wäert, deen et huet, deen ausschlaggebend ass fir d'Mënscherechter a Länner, wou d'Gewalt géint d'Gewerkschaften an d'Bevëlkerung bis elo wäitgehend stroffräi iwwert d'Bühn gaang ass.

D'EU seet natierlech, an de Rapporteur huet et widderholl, datt de Respekt vun de Mënscherechter am Ofkommes festgeschriwwe wier, mä net verbindlech. Et gi Feuilles de route festgeluecht, déi solle suivéiert ginn, zesummen, an ech mengen, en huet en Artikel zitéiert, 294, wann een deen Artikel liest, do gëtt ee Conseil geschafe vun alle Partner, déi sech mussen unanime eens sinn, wa se esou eppes wëlle feststellen.

Abee, chapeau! Fir mat deenen, déi dann d'Mënscherechtsverletzungen toleréieren a bedreiwen, fir sech mat deene mussen eens ze sinn, fir datt ee se kann iwwerhaapt feststellen: Wann dat déi juristesch Ofsécherung ass, déi mer hei hunn, fir géint Mënscherechter (veuillez lire: Mënscherechtsverletzungen) virzegoen, dann, abee merci!

Da wäerte mer et net fäerdegbréngen, elementar Mënscherechter duerchzesetzen a Länner wéi Guatemala, wou laut UNO eleng 2011 zéng Gewerkschaftler ëmbruecht gi sinn - elo kann ee soen, ech wier vläicht e bësse sensibel dorobber -, mä an Honduras, wou Gewalt op der Dagesuerdnung steet, deem geféierlechste Land fir Journalisten a fir Membere vu Mënscherechts- an Indigènes-Organisatiounen, an a Kolumbien, wou an der Moyenne all dräi Deeg ee Gewerkschaftler ëmbruecht gëtt an deene leschten 23 Joer.

A wa mer mengen, déi Accorden, déi wiere jo esou bindend, wëll ech just drop hiweisen, datt verschidden Accorde scho vum leschte Joer un am Juli ugewannt ginn 2013, an net eréischt, wann d'Lëtzebuerger Chamber se guttgeheescht huet, mä déi ginn elo schonn ugewannt, dann hätte jo alleguer déi Mënscherechtsverletzungen do jo scho laang missen ophéieren.

Een aneren Aspekt vun deem Ofkommes, dat ass d'Ophiewe vun den Douanes-Taxe fir Mineralien, Rohstoffer am Biergbau, souwuel wat den Import wéi wat den Export ugeet. Wat den Export ugeet, heescht dat ganz kloer, datt d'europäesch grouss Multinationalen, déi Rohstoffer brauchen, déi kënnen elo vill méi fräi auswielen, wat den Import ugeet.

Esou huet dat och Konsequenze fir d'Agrarproduktioun, andeems déi subventionéiert Agrarproduite vun der EU, zum Beispill 60 Millioune Liter Mëllech a Kolumbien kënnen exportéiert ginn, spottbëlleg, während vun de kolumbianesche Bauere mat hiren zwou, dräi Kéi, déi se hunn, mat deene se fënnef Liter Mëllech den Dag produzéieren, schätzungsweis 500.000 Klengbauere wäerten ënnert d'Rieder kommen an hir Existenz verléieren!

Ech kéint weiderfuere mat der forcéierter a méiglecher Privatiséierung vun ëffentlechen Déngschtleeschtunge bei der Waasserversuergung, am Telekommunikatiounsberäich, bei der Energie. Ech kéint weiderfueren mat dem regionalen Integratiounsprozess, dee wierklech a Latäinamerika eng aner Richtung geholl huet, zënter datt Latäinamerika am Opbroch ass, zënter datt e groussen Deel vun de Militärdiktaturen a vun där neoliberaler Ausplënnerungspolitik ofgeschaaft ginn ass an duerch lénk a Mëtt-lénks-Regierungen ersat ginn ass, déi eng demokratesch Participatioun siche vun der Bevëlkerung, wou zwar d'Muecht vun den transnationale Konzerner nach weider besteet, mä vergläichsweis vill méi gënschteg sozial a wirtschaftlech Entwécklunge geschéien hautdesdaags, wéi dat virdrun de Fall war, a vill Länner sech och dem Diktat vun dem IWF entzunn hunn.

Déi politesch Kräfteverhältnisser a Latäinamerika hu sech geännert, d'Bezéiungen tëschent de Länner hu sech geännert, och mam Norden. An dat ass d'Basis fir eng interregional, Stéchwuert ALBA, Unasur, an esou weider, fir eng interregional Kooperatioun, déi am Respekt muss geschéien an net an der Konfrontatioun!

Et ass net méiglech, am Kader vun enger Interventioun elo hei op all d'Detailer anzegoe vun deenen zwee Ofkommessen. Dozou wier eigentlech en Hearing noutwendeg gewiescht vun der Chamber mat deene betraffenen ONGen, esou wéi beispillsweis de Bundestag dat gemaach huet. An et ass eréischt no dem Hearing am Bundestag, wéi an Däitschland eng ganz Rei Saache kloer gi sinn, zum Beispill och wat et heescht Handel maache mat Länner, wou 5% vun der Bevëlkerung 80% vum Terrain, dee bebaubar ass, geméiert, an zwee Drëttel vun de Leit just 5% vum bebaubaren Terrain hunn. Wou véier Millioune Leit verdriwwe ginn! An ech mengen, all déi Saachen do, dat ass eng Ursaach, firwat datt déi Lénk an déi gréng am Europaparlament, mä och an nationale Parlamenter wéi am Bundestag géint déi Accorden do gestëmmt hunn.

Ech kéint och elo hei Zitater brénge vun deene Grëngen am Europaparlament, firwat datt se dogéint gestëmmt hunn. Ech mengen, déi wiere wäitgehend deckungsgläich mat deem, wat ech elo gesot hunn. Ech wëll och kloerstellen, mir sinn net prinzipiell géint all Handelsaccord, fir datt dat och kloer ass, wann en ausgeglach ass an deenen anere Staten a Vëlker och hëlleft. A wann ech soe Vëlker, da mengen ech Vëlker, an net nëmmen déi 5%, mat deenen den Här Kartheiser wëllt do verhandelen.

Et ass och net logesch, datt een op där enger Säit Kooperatiounshëllef mécht, wéi mer se maachen, op där anerer Säit dann erëm esou Accorde mécht, déi wierklech desastréis si fir déi Länner a just de grousse Betriber bei eis an enger Rei Leit bei hinnen, besonnesch Räichen, hëllefen.

Mir kënnen deem Accord do net zoustëmmen. Mir stëmme ganz kloer dogéint, d'nämlecht wéi am Europaparlament. An ech géif wierklech hoffen, onofhängeg vum Här Kartheiser senger Polemik, déi anescht gelagert ass, datt och déi gréng Kolleegen hei sech géifen där Haltung, déi se am Europaparlament haten, uschléissen an och drop hiweisen, datt d'ONGen hei eigentlech recht hunn, well d'wirtschaftlech Intérêten hei virun déi vun de Mënsche gestallt ginn. Dat ass eent vun den Zitater aus dem Europaparlament, wat motivéiert huet, firwat datt do déi Lénk an déi gréng dogéint gestëmmt hunn, wéi och am Bundestag.

De Rapporteur huet och nach geschwat vum Hearing an der Chamber iwwert den TTIP, d'Fräihandelsofkommes mat Amerika, wat d'Konsequenz war, d'Diskussioun iwwert deen Hearing opgrond vun enger Motioun, déi mer hei viru 14 Deeg oder dräi Wochen diskutéiert hunn, wou dräi Deeler dra waren an enger Motioun, déi ech bruecht hat, éischten Deel „Stop TTIP", „TTIP op den Tipp", wou haut ëmmer méi Organisatiounen a Gewerkschaften och zu Lëtzebuerg där Meenung sinn, wou en zweeten Deel war fir d'Offeleeung vun allen Dokumenter.

A wann ech soen d'Offeleeung vun den Dokumenter, da mengen ech net dat, wat de Moment an der Aussenhandelskommissioun amgaang ass, wou d'EU-Kommissioun all 14 Deeg eis däerf e schéinen Text ginn, wou se erëm eppes schéiried, mä da missten awer och d'Positioune vun den ONGen a vun deenen aneren Experten zum Fräihandelsofkommes mat Amerika op den Dësch kommen.

An drëttens hat ech proposéiert, déi Fräihandelsofkommessen, den TTIP natierlech, mä awer och déi aner, eng Kéier an engem Hearing ze behandelen. An de President vun der Aussenhandelskommissioun huet sech deem ugeschloss. Ech géif et awer erstaunlech fannen, wann déi Diskussioun elo no den Europawahle géif stattfannen, woubäi dat dote jo awer e wichtegt Thema ass vun der Sensibiliséierung vun de Leit an Europa, iwwert wat Europa mécht, wat et ass.

Ech géif et wichteg fannen, datt deen Hearing virdru géif stattfannen, datt do wierklech d'Zivilgesellschaft d'Méiglechkeet hätt, fir och mat Experten, déi sécherlech hir Qualifikatiounen hunn, déi heiansdo méi wäit gesi wéi d'Experte vun der EU, déi dacks verstréckt sinn a politesch Intérêten, dat kënnen duerleeën. An ech hoffen eng Äntwert ze kréien, datt mer et fäerdegbréngen, och deen Hearing zurzäit ze maachen an de Leit net nach méi d'Flemm anzedreiwe mat der EU a mat Saachen, déi net riicht lafen an Europa.

Domadder schléissen ech of a wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt mir op jidde Fall géint déi Ofkommessen do stëmmen. A mir hoffen, datt mer net eleng sinn.

Merci.

M. le Président.- Merci. Ech hunn nach d'Wuertmeldung vum Rapporteur. Här Rapporteur.

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur.*- Ech muss dem Här Turpel ganz recht ginn, dass een hei an der Plénière net kann op all d'Detailer agoen, éischtens aus Zäitgrënn, mä ech mengen, mir hunn awer Kommissiounssitzungen, wou een op all Detailer kann agoen. Ech wëll drun erënneren, dass mer deen hei Accord dräimol um Ordre du jour haten. Ech weess och, dass déi Lénk kee Vertrieder an där Kommissioun hunn, mä se kënnen awer, wéi leschte Méindeg, ware se vertrueden, wou mer iwwert d'Ukrain geschwat hunn an aner Saachen. Se sinn awer ëmmer häerzlech wëllkomm an der Kommissioun.

Mir haten och no der ëffentlecher Interpellatioun - hei an der Chamber hu mer natierlech Kameraen, déi lafen, mer hu Journalisten, déi do sinn -, mä och an der Kommissioun hu mer zweemol den TTIP, d'Handelsofkommes mat Amerika nobehandelt a mir schaffen och nach drun, wéi mer deen Hearing solle gutt organiséieren. Mir wëllen dee maachen, mir wëllen e gutt organiséieren. Ech sinn och a Kontakt mat ONGen. Dat leeft. An do brauche mer Zäit.

Mir hu schonn zweemol driwwer geschwat a mir wäerten nach an deenen nächste Wochen driwwer schwätzen, fir dat ze organiséieren. An do invitéieren ech dann d'Kolleege vun déi Lénk, dass se dann awer wann ech gelift an d'Kommissioun kommen.

Ech wëll elo net weider op d'Polemik agoen, mä herno, hoffen ech, datt ech mam Kolleeg nach e puer Wuert ka schwätzen. Ech wollt en nämlech froen, ob e wéisst, wien dat éischt Land ass vun Zentralamerika, wat dat hei ugeholl huet. Dat ass Nicaragua. An ech mengen, dat ass jo e Land, deem ee wierklech net ka virwerfen, et hätt eng kapitalistesch Regierung.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Rapporteur. An ech géif dann zum Schluss vun der Diskussioun... Jo, Här Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Jo, ech hunn...

M. le Président.- Är Zäit...

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Ech sinn ugesprach ginn.

M. le Président.- Jo, et ass awer kee Fait personnel, deen hei virläit, an d'Riedezäit, déi Der zur Verfügung hat, ass eriwwer.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Wann ech ënnerstallt kréien...

M. le Président.- Wann ech gelift, Här Turpel, Dir sidd um Enn vun Ärer Riedezäit. D'Diskussioun ass um Enn an ech géif dem Vertrieder vun der Regierung, dem Här Schneider, d'Wuert ginn. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

M. Romain Schneider, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol Merci engersäits dem Rapporteur fir déi ausféierlech Erklärungen

iwwert déi zwee Rapporten, mä och d'Schilderungen, wéi et an der Kommissioun debattéiert gouf. Dräimol, mengen ech, hat Der et an där Kommissioun. Ech hat leider d'Méiglechkeet net, well dat e Punkt ass, deen an der Regel vum Ausseminister, vum Ausseministère suivéiert gëtt, deen haut leider verhënnert ass. Dofir iwwerhuelen ech als Kooperatiounsminister dëse Volet vun der Ratifikatioun vun dësen zwee Accorden.

Et ass awer esou, mengen ech, datt de Rapporteur zu Recht op déi eenzel Punkten agaangen ass, an ech kommen herno dann, a benotzen do eigentlech meng Kap als Kooperatiounsminister, fir op eng Rei Indikatiounen anzegoen, déi och an dësem Kontext mat zitéiert goufen.

Fir vläicht kuerz awer eng Kéier déi zwee Projeten ze beliichten, déi haut ze ratifizéiere sinn, engersäits d'Associatiounsofkommes mat Zentralamerika. D'Verhandlungen zu dësem Ofkommes, wéi scho gesot, ware laang amgaang; zënter 2006, an 2011 si se ofgeschloss ginn. Am Juni 2012 gouf dësen Accord ënnerschriwwen an am Dezember 2012 vum Europaparlament ratifizéiert.

De wirtschaftlechen, de kommerziellen Deel vum Ofkommes ass och schonns eng Kéier a Kraaft getrueden, an zwar am Summer 2013, nodeems och d'Parlamenter vun de verschiddenen zentralamerikanesche Länner gréng Luucht ginn hunn.

Op Säite vun der EU leeft de Ratifikatiounsprozess och gutt. An ech mengen, de Moment sinn 13 Länner, déi hunn intern d'Prozeduren ofgeschloss. An domadder misst och bis Mëtt d'nächst Joer de politeschen Deel vum Accord a Kraaft trieden.

Et gëtt erwaart, datt dësen Accord net nëmmen ons extern Bezéiunge mat Zentralamerika verstäerkt, mä och déi intern Zesummenaarbecht vun dësem politesche Block weider verdéift. Zäitgläich wäerten ons Handelsbezéiungen tëschent 25 an 30%, et gouf schonn hei zitéiert, an deenen nächste Joren zouhuelen. Dat ass gutt fir eis Partnerlänner an Zentralamerika, mat allem vun deem, wat och dorunner hänkt, mä och fir Lëtzebuerg, dat als Logistikzentrum, Plattform fir all méiglech Servicer, notamment maritim Servicer, awer och als industriellen Hub fir Infrastrukturprojeten dovunner wäert profitéieren.

Ee gudde Ruff hu mer dohanne jo schonn duerch ons Entwécklungspolitik an Nicaragua an an El Salvador, wou e kloert Beispill vu Kohärenz, vun Entwécklungs- a Wirtschaftspolitik ass; ee Prinzip, deen ons zu Lëtzebuerg jo um Häerz läit.

Wat deen zweete Projet ubetrëfft, dee vum Fräihandelsvertrag mat Kolumbien a Peru: D'Diskussiounen zu dësem Accord, déi sinn zënter 2007 lancéiert ginn. Ufanks och mam Zil, een Ofkommes ze maachen, mat och den Anden-Communautéiten derbäi, also och derbäi Ecuador a Bolivien.

Do koum et leider net derzou, aus verschiddene politeschen Ursaachen. Mä och dësen Accord ass ganz kloer festgesat. A wäitgehende Regele festgesat gouf, wat zum Beispill d'nohalteg Entwécklung ubetrëfft, wat d'Sozial- an Ëmweltnormen ubetrëfft - et ass dat, wou de Rapporteur zu Recht hei drop higewisen huet, am Beräich och vun de Kritiken, déi vun dëser Säit koumen, an och nach eng Kéier am Prinzip op d'Ausriichtung vun den dräi Pilieren, déi un der Basis ware vun dësen Accorden.

Ech brauch dofir net direkt drop anzegoen, well effektiv dës Detailer an der Chamberskommissioun zu Recht diskutéiert goufen. Et handelt sech heibäi also ëm sougenannten Accords mixtes, déi souwuel d'Kompetenze vun der Unioun wéi vun de Memberstate beinhalten. No der Ratifikatioun duerch d'Europäescht Parlament am Dezember 2012 souwéi duerch Peru am Mäerz 2013 a Kolumbien am August 2013 sinn déi Deeler, déi ënner Unioun-Kompetenz stinn, och schonns provisoresch a Kraaft getrueden. Dat gouf och säitens vun der ADR hei zum Deel kritiséiert.

Eelef EU-Memberstaten hunn dëse Vertrag schonns ratifizéiert. Och dëse Vertrag wäert onse bilaterale wirtschaftleche Relatioune guttdoen an ons ee gréisseren Afloss op déi politesch a sozial Entwécklungen an dëse Länner ginn. Och hei sief gesot, datt d'Handelspolitik net op Käschte vun de Mënscherechter geschitt, mä am Géigendeel ons d'Méiglechkeet gëtt, méi effikass d'politesch Transitioun an dëse Länner ze begleeden.

Zum Schluss vläicht géif ech op déi eenzel Remarquen agoen, déi hei gemaach gi sinn, an nach eng Kéier drop hiweisen, datt ech och de Moie Kenntnis krut vun deem Bréif oder deem Schreiwes vun den ONGen. Paradoxerweis war ech just zu deem Moment an enger Konferenz bei hinnen. An et huet eigentlech kee mer dat gesot, datt dat do Schreiwes do wier, soss hätt ech vläicht direkt do op der Plaz scho kënnen dorobber reagéieren.

Mä bei enger Konferenz vun SOS Faim, wou mer eis getraff hu mat Baueren aus dem Senegal, aus dem Mali, aus dem Burkina Faso, goufen eng Rei vu Problematiken ugeschwat, eng Rei vun Zesummenaarbechten ugeschwat, wat virun allem och d'Kooperatiounspolitik vu Lëtzebuerg staark gemaach huet an deene leschte Joren a wäert an Zukunft och staark maachen, opgebaut op deenen dräi grousse Pilieren: deene vun der Éducatioun, deene vun der Formatioun, hannendrun deene vun der Santé, awer virun allem och deene vum Développement local et rural.

Alles dat ass dat, wat dat heiten och beinhalt. An alles dat ass och an dësen Accords esou virgesinn, wéi ech gesot hunn. An deenen dräi Piliere sinn déi Ausriichtunge vum Dialogue politique, vun der Kooperatioun a vum Commerce. Et beinhalt déi dräi, fanne mer also hei erëm. An hei misste mer also, mengen ech, och eng Plattform fannen, fir deem och hei gerecht ze ginn.

An doniewent, grad well mer dës Accorden hunn, setze mer jo hei spezialiséiert bilateral Comitéen op, fir dës Normen, déi international Standarde vun der OIT, vun der ONU ze sécheren. Hei hu mer also d'Méiglechkeet duerch dës Accorden, duerch dës spezifesch Comitéen, och direkt kënne mat anzegräifen. Wa mer dës Accorden net hätten, dann hätte mer iwwerhaapt keng Méiglechkeet, kënne matzesteieren, matzediskutéieren an hei op deenen eenzelne Plazen d'Rechter kënnen ze verbesseren.

Et gouf och ugeschwat hei – säitens, vun dem..., ech mengen, et war de Vertrieder vun déi Lénk, wat d'Landwirtschaft ubetrëfft -, zum Beispill d'Bauere mat der Mëllechwirtschaft. Hei ass et virgesinn, wéi Der wësst, datt, wann d'EU-Mäert, datt hei Irregularitéiten, datt Deregulatiounen an deene Länner bestinn, dann ass zum Beispill fir Kolumbien eng Hëllef vun 30 Milliounen Euro virgesinn, fir deem entgéintzewierken. A wann déi Evaluatioune gemaach ginn, och dat, mengen ech, sinn Accorden, déi do stinn a wou och Zousoe si säitens vun der Europäescher Kommissioun, säitens vun der Agrarpolitik. An ech hunn dat nach deemools matgemaach, wéi ech Landwirtschaftsminister war, datt mer, grad am Kader och vun der PAC, déi doten Ausriichtunge mat beinhalt hunn an datt grad de Kommissär Ciolo" och do war, fir eben och mat den Drëttlänner ze verhandelen an deenen doten Décheten eben entgéintzegoen.

D'Politik vun der Lëtzebuerger Regierung, wat d'Entwécklungspolitik ass, wäert ganz kloer déi nach ëmmer sinn an éischter Linn vun der Éradicatioun vun der Pauvretéit, vun der Aarmut. Dat ass evident. An ech hunn och déi eenzel Moyene gesot, déi mer eis ginn, fir déi ze bekämpfen.

Et wäert awer och sinn, an ech hunn dat och an der Chamberskommissioun gesot, datt selbstverständlech en Deel vun deenen Ofleeërlänner och kënnen ekonomescherweis sinn. Ech hat d'Beispill zitéiert vum Cap-Vert, wou ech d'Chance hat ze sinn, wou mer gesi bei der Kreatioun vum ERMI, dem sougenannte Wëssenszentrum vun den Énergies renouvelables am Cap-Vert, datt mer hei Lëtzebuerger Firmen hunn, déi do sinn, fir Solarzellen ze installéieren.

Mir gesinn also och do, datt een zweete Volet, dee vum „return on invest", eigentlech do ass. Dat, wat awer Zil vun der Entwécklungspolitik vu Lëtzebuerg ass, dat ass d'Éradicatioun vun der Aarmut ganz kloer. An ech mengen, mir komme grad bei eisen néng Pays cibles wierklech konkret virun. An et ass och dee Wee, dee mer an Zukunft wäerte maachen. An et ass och grad genau dee Wee, deen engersäits an d'Kontinuitéit virun allem och vum Regierungsprogramm an deenen nächste Jore wäert goen.

Wat zwou méi konkret Froen ubetrëfft, engersäits den Avis vun der Chambre de Commerce: Deen ass do, mä dat war een Avis unique fir déi zwee. Dofir huet een e vläicht net op alle Plazen zréckfonnt. A wat déi zweet Saach ubetrëfft, mengen ech, hunn ech déi eenzel Remarquë vun deenen eenzelne Fraktiounen hei ugeholl.

Selbstverständlech sinn ech ëmmer erëm bereet, zesummen och, mengen ech, mam Ausseminister, an d'Kommissioun ze kommen, fir een Débat hei iwwert déi Projeten ze féieren. Genausou gutt wéi ech och de PIC selbstverständlech am Virfeld, wa mer een neien etabléieren, ganz gären an der Chamberskommissioun diskutéieren, esou wéi ech och dës Woch de PIC à mi-parcours vum Cap-Vert presentéiert hu mat deenen eenzelne Saachen, wat mer an de Programmer realiséiert hunn a wat mer an der Zukunft wäerten zesumme mat eise Partnerlänner realiséieren.

An deem Sënn soen ech der Chamber Merci, wa se d'Zoustëmmung zu dësen zwee Accorde géif ginn, a soen och Merci fir dee flotten Débat.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Kooperatiounsminister. Mir géifen dann zum Vote iwwert déi zwee Projeten, selbstverständlech jiddwereen eenzel, iwwergoen. Fir d'Éischt de Projet 6617.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6617

D'Ofstëmmung huet ugefaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratioun.

De Vote ass ofgeschloss, mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Da géife mer iwwergoen zum Vote iwwert de Projet 6618.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6618

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss. Och de Projet 6618 ass mat 58 Jo- an 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Dispenses du second vote constitutionnel

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote fir déi zwee Projeten ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert. Merci villmools.

A mer géifen dann zum leschte Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6638, en Accord iwwert den 11. Fonds européen de développement. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgehalen. Et hu sech agedroen: d'Madame Elvinger, den Här Kartheiser an den Här Turpel, respektiv déi eenzel Fraktiounen, fir den Accord ze ginn.

D'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Alex Bodry.

12. 6638 - Projet de loi portant approbation de l'Accord interne entre les représentants des Gouvernements des États membres de l'Union européenne, réunis au sein du Conseil, relatif au financement de l'aide de l'Union européenne au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2014-2020 conformément à l'Accord de partenariat ACP-UE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne, fait à Luxembourg et à Bruxelles, respectivement les 24 et 26 juin 2013

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Bei dësem Gesetzesprojet geet et drëm, fir en Accord, deen um Niveau vun der EU getraff ginn ass de 24. respektiv 26. Juni d'lescht Joer, guttzeheeschen, en Accord, wou et sech drëm dréit, fir de Finanzement ze regele vun deenen Hëllefen, déi d'Europäesch Unioun leescht am Kader vum Partenariatsaccord mat de sougenannten ACP-Länner.

Et ass esou, dass dat hei e Projet ass, deen den 20. Dezember 2013 vum Ausseminister hei déposéiert ginn ass. En ass positiv aviséiert gi vum Statsrot. A mir hunn eis an zwou Sitzungen an der Kommissioun vun de Finanzen domadder beschäftegt.

Et ass déi eelefte Kéier, dass eigentlech den Europäeschen Entwécklungsfong hei agesat gëtt. Dëst geet net wéi üblech fir eng Period vu fënnef Joer, mä dës Kéier fir eng Period vu siwe Joer, 2014 bis 2020, wou insgesamt eigentlech iwwert dee Fong sollen 30,5 Milliarden Euro kënne matafléissen a Kooperatiounsprojete mat deene Länner vun Afrika, der Karibik, dem Pazifik.

D'ACP, dat sinn 79 Länner, déi sech do zesummegeschloss hunn. Déi Associatioun besteet zënter 1959. An d'Kooperatioun eigentlech tëschent der Europäescher Unioun an den ACP-Länner, déi fousst ursprénglech op de Konventioune vu Lomé. An déi sinn ersat ginn duerch Accords vu Cotonou aus de Joren 2000, Accords de coopération, déi 2020 auslafen, esou dass also d'Auslafperiod vun dëser Finanzéierungsphas vun dem Europäeschen Entwécklungsfong coïncidéiert mat dem Auslafen och vun deem politesche Kooperatiounsaccord vu Cotonou tëschent der EU an den ACP-Länner.

30,5 Milliarden, déi dann opgedeelt ginn tëschent deenen eenzelen, deenen 28 EU-Memberstaten. D'Part vu Lëtzebuerg, déi sech aus där Rechnung ergëtt, déi läit bei 77,8 Milliounen Euro, opgedeelt op siwe Joer. Dat sinn also am Schnëtt eppes méi wéi eelef Milliounen Euro, déi also och eng Part vun eiser Entwécklungshëllef duerstellen. An eis Part, déi entsprécht engem Pourcentage vun 0,25509% par rapport zu 0,27%, déi mer an der viregter Finanzéierungsperiod vum FED haten. Firwat ass dee Pourcentage erofgaangen? Ma ganz einfach, well en 28. Memberstat derbäikomm ass bei der Europäescher Unioun an dat huet dann déi Reduktioun do erginn.

Et ass allerdéngs esou, dass déi Participatioun, déi Lëtzebuerg huet, déi eenzel Länner hunn, dass déi net déi üblech Participatioun ass, déi fir den EU-Budget gëllt, fir aner Programmer gëllt. Dat heiten ass eng, déi spezifesch ass fir deen doten Europäeschen Entwécklungsfong, wat och net en Deel vum europäesche Budget ass, mä wat à part eigentlech zu deem Budget fonctionnéiert. Wat och scho länger Zäit fir Diskussioune suergt tëschent dem Europaparlament an deenen aneren europäeschen Instanzen, well doduerjer natierlech och keng Kontroll eigentlech vum Europaparlament op d'Affectatioun vun deenen dote Sue gemaach gëtt.

Wat geschitt elo mat deene Suen? Eigentlech ginn déi a Programmer gestach, déi opgedeelt sinn. Déi gréisst Parts sinn natierlech Projeten, déi direkt un d'Länner vun dem ACP ginn. Dat maachen iwwer 90% vun deene Gelder do aus. Eng klenger Zomm, 364,5 Milliounen Euro op eng Period - nach eng Kéier - vu siwe Joer, déi ginn un déi sougenannten „pays et territoires d'outre-mer" a ronn eng Milliard Euro, déi geet eigentlech un d'Europäesch Kommissioun, fir all deen administrativen Opwand, deen eigentlech mat deenen dote Projeten zesummenhänkt, kënnen ze finanzéieren.

D'Zilsetzunge vun deene Projeten, déi iwwert den Europäeschen Entwécklungsfong finanzéiert ginn, sinn: éischtens d'Bekämpfung vun der Aarmut, zweetens d'nohalteg Entwécklung an drëttens eng progressiv Integratioun vun den ACP-Länner an d'Weltwirtschaft.

Ech mengen, méi ass zu deem Ganzen net ze soen. Lëtzebuerg huet ëmmer säin Accord ginn iwwert d'Gesetz zu deenen eenzele Perioden,